N°3316
Entrée le 09.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.12.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Bei den CFL kann d'Personal aus dem Cadre permanent ee Promotiounsexamen an hirer jeeweileger Carrière maachen. D'Leit, déi den Examen packen, kënnen esou an hirer Karriär op der Bunn den Enddéngschtgrad erreechen. Dëse meritokratesche Mechanismus ass wichteg, fir d'Motivatioun beim Personal héichzehalen an d'Efforten an d'Leeschtung vun den CFL-Mataarbechter:innen unzeerkennen. Et ass, wéi beim Staat a bei de Gemengen, een Engagement vum CFL-Agent, fir ee Promotiounsexamen ze maachen an dofir eppes ze leeschten. Et ass awer och am Sënn vum Patron, dass d'Leit hiert Bescht ginn an dofir motivéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hunn, opgeschlësselt pro Joer, Direktioun a Karriär, tëschent 2022 an 2025 hire Promotiounsexamen op der CFL geschriwwen?
   Wéi vill dovunner hunn e gepackt?

2. Wéi vill Kandidat:innen goufen, opgeschlësselt pro Joer, Direktioun a Carrière, tëschent 2022 an 2025 **net** zum Promotiounsexamen zougelooss?
   Wat waren d'Grënn, dass net all Kandidat fir de Promotiounsexamen zougelooss gouf?

3. No wéi enge Krittäre ginn d'Promotiounsexamen ausgeschriwwen an no wéi engem Krittäre gi Kandidat:innen zougelooss oder refuséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés